

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, Um Krautmaart,
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. September 2022

Här President,

mat dësem Schreiwes wéit ech eng Interpellatioun no Artikel 88 vun eise Chambersreglement ufroen.

Dës Interpellatioun huet den Titel: Police Grand-Ducale: Defisen an Erausfuerderungen.

- Mat wéi engen Defien ass eis Police konfrontéiert? Wat sinn déi konkret Fuerderunge vun de Policebeamten, déi Dag fir Dag um Terrain schaffen? Wat sinn d'Erausfuerderunge vun der Politik, fir d'Police besser an hirer Aarbecht ze ënnerstëtzen an ze encadréieren?

Et geet an dëser Interpellatioun drëm, eng allgemeng Analys ze maachen, wéi eis Police ka besser opgestallt ginn, fir méi effizient kënnen ze schaffen a wéi eng Ustrengungen d'Politik zesumme mat de verschiddenen Acteuren um Terrain ënnerhuele muss, fir datt d'Policebeamte méi effizient an ouni onnéideg Constraints hirer Aarbecht kënnen nogoen.

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten